2018/1

# REWA NEWS



CIPA
‹‹ Résidence Op der Waassertrap ››



Commune de Sanem

# Inhalt


| | | |
|---|---|---|
| 3. | Editorial: | vum Här Steve Gierenz |
| 4. | Fotoe: | Projet 'Mënschen am Alter' |
| 5. | Retro: | Real Madrid Ausstellung in Gedenken an M. Theis |
| 6. | Retro: | Chrëschtsangen |
| 7. | Retro: | Concert Apero am UPG |
| 8. | Retro: | Gebuertsdagsfeier |
| 9. | Retro: | Chrëschtmaart |
| 10. | Retro: | Casino 2000 |
| 11. | Eise Mupp | |
| 12.-13. | Projet: | Comité de conseil éthique |
| 14. | Et hunn eis verlooss 2017/2018 | |
| 15. | Nächst Fester | |
| | Sortien | |
| 16. | Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2017 | |
| | Pensioun | |
| | Kleeder– a Schongverkaf | |



**IMPRESSUM**

| | |
|---|---|
| ZEITUNG VUM: | CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| REDAKTIOUN: | Residenten an d'Lola Feltz (éducatrice diplômée/Animation) |
| LAYOUT: | Lola Feltz |
| VERBESSERUNG: | Cliff Schmit |
| FOTOEN: | Personal vun der Equipe Animation a Marie-Paule Muller |
| DROCK: | Am CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| ADRESS: | RESIDENCE Waassertrap \| L-4408 Belvaux |
| TEL.: | +352 59 49 40 - 1 |
| KONTO: | Kontosnummer fir en 'Don' |
| | LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE. |
| INTERNET SITE: | www.cipa-sanem.lu |

# Editorial



Léif Bewunnerinnen a Bewunner
vun der Residenz op der Waassertrap,

Mäi Numm ass Steve Gierenz an ech wollt mech an dëser Ausgab vun der REWA News  als neie President vun der Seniorekommissioun kuerz virstellen.
Ech hunn 32 Joer, wunnen zu Bieles a si vu Beruff Erzéier an der Spillschoul zu Déifferdeng. De Kontakt mat de Leit ass mer ganz wichteg, souwuel am beruffleche  wéi och am Privatliewen. Oft gëtt dëst an eiser schnelllieweger Gesellschaft vergiess, wat ech awer ganz schued fannen.
D' Seniorekommissioun setzt sech aus jonken an aus manner jonke Leit zesummen. An dat mécht et esou flott. Jidderee leescht säi Bäitrag fir dass dës Kommissioun gutt fonctionnéiere kann. Ech sinn och frou eng ganz engagéiert Sekretärin u menger Säit ze hunn. Deen een oder anere wäert et sécher kennen, et ass d' Nathalie Barthel. Zesumme mat him an enger ganz motivéierter Seniorekommissioun si mer am Asaz fir eis Senioren uechtert d' Gemeng Suessem an hunn ëmmer een oppent Ouer fir Iech.
Mat léiwe Gréiss,

Steve Gierenz
President vun der Seniorekommisoun

"Foto: Claude Piscitelli"

# Fotoen

Fir de **Projet ‚Mënschen am Alter'** goufen iwwer 80 Bewunner fotograféiert. Hei sinn nach e puer vun deene flotte Portraiten.
















# Retro








## Real Madrid Ausstellung in Gedenken an M. Theis

Familie Pascucci fand dieses Projekt eine super Sache.
Sie haben uns sehr gut unterstützt. Ich konnte Herr Pascuccis Tochter alles fragen und egal wie oft. Sie verbesserte mir die Texte, die ich über René Pascucci und Marcel Theis schrieb und sie leihten uns ihr kostbarstes Foto, das René, als Spielführer der Jeunesse Esch, sich ein paar Monate nach dem sensationellen Spiel 1959 von der Mannschaft Real Madrid verdient hatte.



Von Marcels Sohn bekam ich auch Accessoires der Jeunesse und ein paar Informationen aus Marcels Lebenslauf.
Er konnte am 10.12.2017 bei der Ausstellung nicht da sein, aber er schaute sie sich ein paar Tage später an und er war überwältigt – zu Tränen gerührt. Er sagte, dass noch keiner sie so belohnt hätte für ihren Erfolg und dass Marcel es sicher gerne gesehen hätte.
Wir haben sehr viel Lob erhalten von Bewohnern, Angehörigen und Personal.
Es war viel Arbeit, aber es hat mir sehr viel Spaß gemacht mit den beiden Familien und der Biographiegruppe die Ausstellung zu organisieren und durchzuführen.

Rosi



## Retro











# Chrëschtsangen



# Retro

















E Sonndeg, de 14.01.2018 war nees e **Concert Apero** am UPG. Zesumme mat de Leit ass den Apero preparéiert ginn, fir duerno dann zesumme mat de Familljen e gudde Patt ze drénken an eppes Klenges z'iessen. D'Famill an och Frënn si komm. Si an d' Personal hunn e schéine Moment matenee verbruecht. Et ass gelaacht, geschwat a gedanzt ginn. Et gesäit een un de Fotoen, dass jiddereen e schéine Moment verbruecht huet. Dem Lisa, Alex an Anita e grousse Bravo fir déi flott Initiativ. An dem Personal vun der Animatioun an dem Soins e Merci fir hiert Engagement.

Lola







# Retro

Déi éischt **Geburtsdagsfeier** am Joer war den 20. Januar 2018 . 9 Leit hunn hire ronne Geburtsdag gefeiert. Ënnert hinne war den




Här KRISCHLER MARTIN mat **75 Joer**,

den Här FONCK HENRI , d'Madame ZEYEN VICTORINE, d'Madame REIMEN RIES MADELAINE, den Här ROELTGEN ROBERT mat **85 Joer,**

d'Madame SCHLESSER VICTORINE mat **90 Joer**,

d'Madame HANSEN YVETTE, d'Madame GERARD BOURKEL ALPHONSINE an d'Madame MOLITOR ANNIE mat **95 Joer**.















# Retro



Mir waren um **Chrëschtmaart** zu Bitburg an um



**Chrëschtmaart** zu Saarburg. Béid Deeg huet et gereent, mee dat huet eis, eis gutt Laun net verduerwen. Och dat nächst Joer gi mir nees op e Chrëschtmaart an der Ëmgéigend vu Lëtzebuerg.







# Retro

Mir waren am **Casino 2000** zu Mondorf.






Leider huet keen den Jackpot geknackt. Et war interessant emol an dës Spillwelt eran ze gesinn an e bësse matzemëschen.








Mir waren am **Vitarium** zu Miersch, wou mir Mëllechgebeess gekacht









# Eise Mupp




Geschwënn ass et esou wäit !
Wéi Dir villäicht scho wësst, heesche mir am Abrëll e ganz besonneschen neien Mataarbechter an eisem CIPA häerzlech wëllkomm, an zwar eise Mupp oder offiziell gesot : Eise ''chien d'accompagnement social.''
Dëse Mupp ass e ganz spezielle Mupp. En huet schonns 2 Joer wann e bei eis kënnt. Virdrun huet hien en Training/ eng Ausbildung iwwer 6 Méint bei der ''Associatioun Handi'Chiens'' a Frankräich matgemaach, wou en iwwer 50 Kommandoe geléiert huet an op seng zukünfteg Aarbecht beschtméiglech virbereet gouf.
D'Emilie an d'Laura sinn dem Mupp seng Haaptreferenzpersounen, wat bedeit, dass si op der Aarbecht fir de Mupp verantwortlech sinn a mat him allerhand Aktivitéite geplangt hunn ( spadséiere goen, Ateliere fir d'Mobilitéit an d'Gläichgewiicht asw. ...).
Fir dass si léiere wéi ee mam Mupp schafft, maache si am Abrëll e Stage vun enger Woch zu Kunheim a Frankräich, wou si intensiv mam Mupp trainéieren. No dëser Woch kënne si de Mupp mat op Lëtzebuerg huelen a kuerz dono wäert en da säin éischte Schaffdag bei eis hunn !
Den Hond wäert vu méindes bis freides (8:00 – 16:00 Auer ) am CIPA sinn. Wann en net schafft, wunnt e beim Laura doheem.
Éier de Mupp kënnt, ass et eis wichteg op e puer Reegelen opmierksam ze maachen déi garantéiere sollen, dass dëse ganz besonnesche Projet och en Erfolleg gëtt. Mir soen elo scho mol jidderengem e Merci fir d' Verständnis !

**Emilie & Laura**



**« Heemelt mech net w.e.g., ech schaffen »**
Wann de Mupp e roude Foulard unhuet,heescht dat, dass de Mupp schafft bzw. an enger Aktivitéit ass. Fir de Mupp dee Moment net ze iwwerfuerderen oder fir ze verhënneren, dass en ze vill ofgelenkt gëtt, biede mir Iech de Mupp dee Moment net ze heemelen, ausser d'Emilie oder d'Laura ginn hiert Averständnis.

**« Ech muss op meng Linn oppassen »**
Wéi allgemeng bekannt ass, sinn d'Labradoren'' oder d'Golden Retriever zimlech verfroossen. Fir ze evitéieren, dass eise Mupp ze vill u Gewiicht zouhëlt oder iwwerfiddert gëtt, biede mir Iech him keng Leckerlien ze ginn ausser déi, déi e vum Emilie oder Laura kritt an och nëmme wa si hiert Averständnis ginn.



# Projet



## *Comité de conseil éthique au CIPA-REWA*

Depuis ce 26 janvier 2018, le CIPA-REWA a constitué son propre comité de conseil éthique (CCE - REWA). Depuis des années, la direction se voit parfois confrontée à des situations auxquelles elle ne possède pas toujours une réponse, voire une solution.

Le **groupe éthique** est donc un groupe de consultation que chacun (personnel, résident, famille…) peut consulter dans le cas où une question d'ordre éthique se pose.

La **mission du groupe** est de faire des études de cas détaillées et de formuler des recommandations, qui ne sont en aucun cas à considérer comme des ordres. Les questions que le groupe devra se poser quand il procède à l'analyse de cas sont entre autres les suivantes :

Quelle est la problématique ? Qui est impliqué ? Dans quelle condition se trouve le résident ? Quelles sont les préférences du résident ? Quelle est la qualité de vie du résident ? Quel est le contexte de la problématique (histoire personnelle, sociale, économique, religieuse, culturelle etc…).

Le groupe a pour but de promouvoir un consensus en écoutant toutes les parties impliquées (résidents, familles, personnel).

Les problématiques possibles pour le groupe pourraient être par exemple :

***<u>Les problématiques liées à la fin de vie (exemples):</u>***

A partir de quel moment faut-il respecter les directives anticipées, qui sont assez spécifiques à propos des circonstances dans lesquelles un acharnement devrait cesser, alors qu'en réalité, il n'est pas toujours évident à savoir quand ce moment est arrivé.

Quelles mesures promeuvent le confort vs la prolongation de la vie ? (cf hospitalisation en fin de vie…)

Quelles mesures atténuent la douleur vs précipiter la mort ?

Qui décide ? (désaccord famille, incertitude à propos des souhaits, différences d'opinions staff/familles, inconfort à répondre aux souhaits exprimés il y a longtemps…)

# Projet

*__Les problématiques liées à la qualité de vie (exemples) :__*

Refus de soins : laisser le contrôle au résident vs donner des soins de haute qualité répondant à des standards imposés

Couples mariés : être dans la même chambre et s'entraider vs laisser le personnel répondre aux besoins individuels

Relations intimes : soutenir les besoins individuels en intimité vs éviter l'exploitation ou le non-respect de valeurs communautaires

Couples mariés/amitiés proches : passer du temps ensemble vs s'engager dans des activités individuelles

Surveillance et contrainte : maintenir la vie privée vs promouvoir la sécurité individuelle ; encourager un maximum d'activités selon les souhaits du résident vs prévenir les chutes ou alors respecter les souhaits de la famille

Routines individuelles : les avantages d'une routine individuelle vs le besoin de l'institution d'avoir une routine commune pour adéquatement répondre aux besoins de groupe des résidents

Déménagement interne : rester dans un endroit familier vs répondre aux besoins spéciaux, vieillir au même endroit vs être là où le niveau de soins requis peut être assuré le mieux

Conflits entre résidents : socialisation vs protéger et respecter les sentiments d'autrui ; avoir le droit d'utiliser les espaces communs vs le droit des autres à ne pas être verbalement ou physiquement intimidés.

Le comité d'éthique est composé de 8 membres du personnel issus de tous les services. Le groupe peut se faire conseiller par un groupe externe composé également de 8 personnes (philosophe, journaliste, psychologue, médecin, délégation du personnel, anciens membres de familles de résidents).

Les résidents sont représentés par 2 personnes du « Heemrot »

Pour contacter le comité d'éthique, vous pouvez soit demander des renseignements à la réception ou bien contacter directement :

| | |
|---|---|
| Mme Delia Tornambé (coordinatrice qualité) | 59 49 40—4410 |
| Mme Caroline Ackermann (psychologue free-lance) | 621 687 339 |
| M. Ben Wahl (responsable département assistance et soins) | 59 49 40—4402 |

# Et hunn eis verlooss 2017/2018:

| | |
|---|---|
| Mme Lurquin | 07/12/2017<br>AM ALTER VUN 89 JOER |
| M Sinico | +09/12/2017<br>AM ALTER VUN 92 JOER |
| Mme Toussing | +11/01/2018<br>AM ALTER VU 97 JOER |
| Mme Jungen | +23.01.2018<br>AM ALTER VUN 88 JOER |
| M Spautz | +07.02.2018<br>AM ALTER VU 84 JOER |
| Mme Weis | + 27/02/2018<br>AM ALTER VU 86 JOER |




*Wenn in der Nacht die Rosen weinen*
*und unser Herz vor Kummer bricht*
*möchten wir Dir noch einmal erscheinen*
*um Dir zu sagen;*
*"Wir vergessen Dich nicht"*

**Mir haten eng Gedenkfeier**
Freides, den 02. Februar 2018
ëm 19:00 Auer

**Soirée de commémoration**
Vendredi, le 02 février 2018
à 19:00 heures

# Nächst Fester

**Mäerz:**

10. Mäerz 2018 — **Kannertheater** / théatre enfants

25. Mäerz 2018 — **Ouschterbazar** / bazar de pâques

**Abrëll:**

22. Abrëll 2018 — **Concert Apero UPG** / concert apéro UPG

**Mee:**

01..Mee 2018 — **Meekranz/** couronne 1 mai

13. Mee 2018 — **Concert Apero**

# Sortien

Mir fueren op d'**Eemaischen a d'Stad**
Méindes, den 02. Abrëll 2018



Mir fueren an d'**Oktave**
tëschent dem 21. Abrëll 2018 an dem 06. Mee 2018



Mir ginn op d'**Gënzefest op Wolz**
Méindes, den 21. Mee 2018



Mir ginn op d'**Iechternacher Sprangprëssessioun**
Dënschdes, den 22. Mee 2018



**Mellt Iech w.e.g. bei der Animatioun un !**

Marie-Paule, Ria, Claudine, Cinzia
an Elise

**Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2018**

**Bienvenue aux nouveaux collaborateurs 2018**

| Nom | Prénom | Date d' entrée | Service |
|---|---|---|---|
| LICINA-SCHMITZ | Ema | 01.12.2017 | Ménage |
| THULL | Samantha | 01.12.2017 | Restaurant |
| KREMETTER | Kelly | 18.12.2017 | Assistance & Soins BF1 |

Den 31.12.2017
ass
Mme ENGEL-MESTRE Mayi
aus dem Service Soins
an d'Pensioun gaangen.



## Kleederverkaf

19. Abrëll 2018
02. Mee 2018
05. September 2018
02. November 2018

— 14:30 – 17:00 Auer

## Schongverkaf

| | | |
|---|---|---|
| 26. Mäerz 2018 | — | 14:00 – 16:00 Auer |
| 09. Oktober 2018 | — | 10:00 – 12:00 Auer |
| 25. Oktober 2018 | — | 10:00 – 12:00 Auer |

